

Lëtzebuerg, den 21 Mäerz 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chamberreglement et virgesäit,
bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm
Kulturministesch weiderzeleeden:

„D'Gesetz vum 25. Februar 2022 iwwer de kulturelle Patrimoine hält an der Sektioun 3 fest, dass fir jidder Aart vun archeologesche Recherchen, déi e Lëtzeburger Patrimoine kéinten un d'Dageslicht bréngen, eng Autorisatioun vum Kulturministère néideg ass. Deemno ass, nom Artikel 12, och den Asaz vu Metalldetekteren an änlechen Ekipementer nëmmen ënner gewësse Konditiounen, wéi beispillsweis dem Suivi vun enger Formatioun beim ‚Institut national de recherches archéologiques‘, erlaabt.

Och hei zu Lëtzebuerg ginn et Leit, déi d'Sich no vergruewe Stécker als Hobby ausféieren. Och aus dem Ausland kommen ëmmer erëm Noriichten, dass joerzénngen- a joerhonnertenal Stécker vun Amateure fonnt gi sinn. Besonnesch Aangscht mécht den Autoritéiten an dëse Fäll, dass ëmmer méi Stécker mëttlerweil illegal iwwert den Internet verkaaft ginn. Et fäert een e Verloscht vum nationalen historiesche Patrimoine a vu wichtege Erkenntnisser am Hibleck op déi national Geschicht.

An deem Kader wollt ech der Madamm Kulturministesch folgend Froe stellen:

- Wéi vill Lizenze goufen iwwert déi lescht 10 Joer un Amateurfuerscher ausgedeelt ?*
- Wéi vill Stécker sinn iwwer déi lescht 10 Joer bei de responsablen Autoritéiten oder Museeën eragereecht ginn?*
- Ass et an deene leschten 10 Joer zu Amendë komm, well Privatleit d'Gesetz net berécksichtegt hunn?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Dierfe Persoune mat Lizenz déi Objeten, déi si fannen, a verschiddene Fäll halen? Falls nee, gi si fir hir Decouverte entschiedegt an a wat fir enger Form?*
- *Ass den illegale Marché um Internet am Hibleck op dëse spezielle Sujet eppes, dat vun der Police suivéiert a reegelméisseg kontrolléiert gëtt?“*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten